N°7466
Entrée le 12.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.01.2023

FRAKTIOUN CSV

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Wéi aus engem RTL-Artikel vum 10. Januar ervirgeet, sinn am Joer 2022 zu Lëtzebuerg iwwer 300.000 Automobiliste geblëtzt ginn, well se ze séier gefuer sinn. 215.000 mol goufen dobäi Automobiliste vu fixe Radare geblëtzt, well se liicht ze séier waren, oder duerch rout gefuer sinn. Dës Vitess-Depassementer si mat engem Avertissement taxé bestrooft ginn. Aus dem Artikel geet och ervir, dass 90.000 Vitess-Depassementer vu mobille Radare registréiert gi sinn. An dem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

- Wéi loossen sech d'Verstéiss géint Vitesse-Limitatiounen, déi vu mobillen a fixe Radaren am Joer 2022 gemooss gi sinn, jee no Gravitéit vun der Infraktioun, opschlësselen? A wéi jee no Montant vum Avertissement taxé?
- Wéi vill Avertissements taxés, bedéngt duerch mobil a fix Radaren, sinn am Joer 2022 net bezuelt ginn?
    - Wéi eng Konsequenzen huet d'Net-Bezuele vun esou engem Avertissement taxé?
- Wéi héich waren d'Betribs- an d'Entretienskäschte vun de mobillen a fixe Radaren am Joer 2022? Ob wéi eng Probleemer ass een dobäi gestouss?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Nancy Arendt ép. Kemp**
Deputéiert

N° 7466
Entrée le 27.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vum Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7466 vum 12. Januar 2023 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.**

*Wéi loossen sech d'Verstéiss géint Vitesse-Limitatiounen, déi vu mobillen a fixe Radaren am Joer 2022 gemooss gi sinn, jee no Gravitéit vun der Infraktioun, opschlësselen? A wéi jee no Montant vum Avertissement taxé?*

D'Verstéiss géint Vitesse-Limitatiounen, déi vu mobillen a fixe Radaren am Joer 2022 gemoossgi sinn, loossen sech momentan nëmmen op Basis vun de Radar-Statistiken opschlësselen.

An der Annexe sinn d'Detailer vun der Police hire Radar-Statistiken ze fannen.

*Wéi vill Avertissements taxés, bedéngt duerch mobil a fix Radaren, sinn am Joer 2022 net bezuelt ginn? Wéi eng Konsequenzen huet d'Net-Bezuele vun esou engem Avertissement taxé?*

Betreffend den Avertissements taxés (AT) vun engem Montant vun 49 Euro, sinn zum Zäitpunkt wou des parlamentaresch Fro gestallt gouf, 21 % nach net bezuelt ginn. Vun den AT vun engem Montant vun 145 Euro, sinn 29% nach net bezuelt ginn. Delaie sinn nach net ofgelaf, esou datt déi Zuel nach ännere kann.

Wann den AT vun 49 Euro net bezuelt gëtt, gëtt e Rappell duerch een ageschriwwene Bréif iwwert den duebele Montant erausgeschéckt. Wann deen och net bezuelt gëtt, kann de Parquet eng pauschal Geldbouss zum selwechte Montant ausstellen. Dës Geldbouss kann dann och vum Loun vum Contrevenant ofgehale ginn.

Bei engem AT vun 145 Euro mat Verloscht vun 2 Punkten op dem Fürerschäin, gëtt ee Procès-verbal erstallt an un de Parquet geschéckt.

*Wéi héich waren d'Betribs- an d'Entretienskäschte vun de mobillen a fixe Radaren am Joer 2022? Ob wéi eng Probleemer ass een dobäi gestouss?*

D'Betribskäschten vun den Equipementer um Terrain (am Joer 2022: 24 fix Radaren, 1 Rout Luucht Radar, 5 mobil Radaren, 2 Chantier-Radaren an 2 Tronçon-Radaren) an vun der Software vir d'Auswäertung belafen sech op:

1. Abonnement a Kommunikatioun-Käschten : **170 000 Euro**
2. Preventiv Maintenance-Aarbechten (Ersetzen vun Ampullen, Filteren, etc.) an Reparaturen (Schued an Vandalismus) vun de Radaren: **432 500 Euro**
3. Preventiv Maintenance-Aarbechten an Reparaturen vun den Applikatiounen vir d'Auswäertung vun den Infraktiounen: **800 000 Euro**

D'Gesamtkäschten géingen sech deemno op een Total vun 1 402 500 Euro belafen (an dësem Montant sinn keng Personalkäschten an och keng Dréckerei- esou wéi Expeditioun-Käschten den Avertissementer enthalen).

Bis op de Vandalismus vum Radar zu Lëpschent, ass een am Joer 2022 op keng speziell Problemer gestouss. D'Ersetze vun dësem Radar huet insgesamt 127 000 Euro kascht, déi och ewell ënnert dem Punkt b) opgefouert sinn.

*Annexe :*

**Statistiques CSA – AT émis/pays**

Date infraction entre 01.01.2022 et 31.12.2022

| PAYS CSA - AT EMIS/PAYS | NOMBRE | PAYS CSA - AT PAYES/PAYS | NOMBRE | | |
|---|---|---|---|---|---|
| A | 608 | A | 512 | | 84% |
| B | 28701 | B | 23635 | | 82% |
| BG | 2297 | BG | 869 | | 38% |
| CH | 1 | CH | 1 | | 100% |
| CZ | 786 | CZ | 628 | | 80% |
| D | 26959 | D | 22224 | | 82% |
| DK | 189 | DK | 146 | | 77% |
| E | 1393 | E | 653 | | 47% |
| EST | 96 | EST | 47 | | 49% |
| F | 41926 | F | 27377 | | 65% |
| GB | 6 | | | | 0% |
| H | 968 | H | 725 | | 75% |
| HR | 432 | HR | 242 | | 56% |
| I | 1028 | I | 677 | | 66% |
| L | 168490 | L | 142290 | | 84% |
| LT | 3901 | LT | 2171 | | 56% |
| LV | 183 | LV | 140 | | 77% |
| NL | 16248 | NL | 14381 | | 89% |
| P | 1262 | P | 672 | | 53% |
| PL | 6662 | PL | 2983 | | 45% |
| RO | 6341 | RO | 2359 | | 37% |
| S | 190 | S | 137 | | 72% |
| SK | 643 | SK | 509 | | 79% |
| SLO | 817 | SLO | 486 | | 59% |
| | 310127 | | 243864 | | 79% |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Statistiques CSA – Taux de paiement**<br><br>Date infraction entre 01.01.2022 et 31.12.2022 | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| NOMBRE | TAUX | | | |
| CSA - AT EMIS (DATE INFRACTION) | | | | |
| 297503 | 49 | | | |
| 12624 | 145 | | | |
| CSA - AT PAYES(DATE INFRACTION) | | | | |
| 234938 | 49 | | 79% | |
| 8926 | 145 | | 71% | |

Statistiques CSA – Infractions par site/radar mobile

| | 2022 | | |
|---|---|---|---|
| Arrondissement judiciaire | | Numéro d'équipement(s) | Nombre de dossiers d'infraction |
| D | Emeschbaach | 1000101/1000102 | 1547 |
| D | Dorscheid | 1000201/1000202 | 4618 |
| D | Stegen | 1000501/1000502 | 1056 |
| D | Steinheim | 1000701/1000702 | 364 |
| L | Rouscht | 1000801/1000802 | 2760 |
| L | Schoenfels | 1001201/1001202 | 554 |
| L | Pléitreng | 1001301/1001302 | 420 |
| L | Niderterhaff | 1001401/1001402 | 4702 |
| L | Welfrange | 1001501/1001502 | 1662 |
| D | Lipperscheid | 1001601/1001602 | 13044 |
| L | Reckange | 1001801/1001802 | 3291 |
| D | Schmëtterwier | 1001901/1001902 | 1101 |
| D | Oberpallen | 1002001/1002002 | 396 |
| L | Gonderange | 1002201/1002202 | 0 |
| L | Garnich | 1002301/1002302 | 1190 |
| L | Schlasmmesté | 1002501/1002502 | 7458 |
| L | Hëttermillen | 1002701/1002702 | 1156 |
| D | Schieren | 1003401/1003402 | 39548 |
| D | Heiderscheidergrund | 1003501/1003502 | 3181 |
| L | Merl | 1004501/1004502 | 17065 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **L** | **Hollerich LAML** | **1004601** | **11683** |
| **L** | **Hollerich route d'Esch** | **1004701** | **1911** |
| **L** | **Hollerich Charles Marx** | **1004801** | **508** |
| **L** | **Brouch** | **1005301/1005302** | **2600** |
| **L** | **Mersch** | **1005401/1005402** | **3840** |
| **L** | **Lallange** | **1006201/1006202** | **13018** |
| **L** | **Belval** | **1006601/1006602** | **2863** |
| **D** | **Lehrhof** | **1006701/1006702** | **5778** |
| **L** | **Place de l'Etoile** | **1006801** | **3012** |
| | **RadarMobile** | **2000001** | **16247** |
| | **RadarMobile** | **2000002** | **25404** |
| | **RadarMobile** | **2000003** | **9519** |
| | **RadarMobile** | **2000004** | **0** |
| | **RadarMobile** | **2000005** | **19460** |
| | **RadarMobile** | **2000006** | **3410** |
| | **Trailer** | **2010001** | **8877** |
| | **Trailer** | **2010002** | **10220** |
| **L** | **Waldhof-Gonderange** | **3002202/3002201** | **4956** |
| **L** | **Markusbierg** | **3006901/3006902** | **74034** |
| **L** | **Tunnel Stafelter** | **3007001/3007002** | **0** |
| **L** | **Tunnel Grouft** | **3007101/3007102** | **0** |
| **L** | **Tunnel Gousselerbierg** | **3007201/3007202** | **0** |
| **L** | **Hollerich LAML** | **4004601** | **163** |
| **L** | **Hollerich route d'Esch** | **4004701** | **67** |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **L** | **Hollerich Charles Marx** | **4004801** | **81** |
| **L** | **Place de l'Etoile** | **4006801** | **3480** |
| | | **Total** | **326244** |

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch